LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 10 JUIN 2020
Réf. QP-32/20 – N°2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 15:44, 10/06/2020

**Objet :** Question parlementaire n°2193 du 11 mai 2020 des honorables Députés Roy Reding et Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice

Sam TANSON

**Réponse de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°2193 du 11 mai 2020 de Messieurs les Députés Fernand Kartheiser et Roy Reding concernant le Service central d'assistance sociale**

Den SCAS bitt eng breet Panoplie vun Servicer un, an dat majoritär op Uerder vum Geriicht an ënnert der Kontroll vum Parquet général. Gespréicher, déi am Kader vum Jugendschutz gefouert gi, wéi zum Beispill „enquêtes sociales" oder „assistances éducatives" gi dofir weder gefilmt nach opgeholl. Dat selwecht gëllt och fir den Service de probation an fir den Service des tutelles. D'Agenten vum SCAS huelen sech wärend oder no den Entretiens schrëftlech Notizzen. An deem Sënn ass keng spezifesch legal Basis verlaangt.

Den Service d'aide aux victimes, un deen d'Affer sech direkt adresséieren kann, stellt d'Ausnam. Nodeems 2016 eng nei Direktioun en place gesat gouf an een Audit duerchgefouert gouf, sinn an deem Service verschidden Gespréicher gefilmt gi, dëst exklusiv fir Formatiouns- an Weiderbildungszwecker. Am Kader vun hirer Formatioun EMDR (Eye Movement Desensitization and Reprocessing), wat eng psychotherapeutesch Methode fir Traumatherapie ass, hunn zwee Psychotherapeuten aus dem SAV d'Gespréicher mat véier Clients gefilmt. Am Ganzen sinn 10 Stonnen Material zesummen komm.

D'Clients sinn selbstverständlech am Viraus iwwert hir Rechter informéiert gi an opgekläert gi wat Sënn an Zweck vun deenen Opnamen war. Am Virfeld, hunn déi betraffen Persounen dann och hiren schrëftlechen Accord zu dësen Opnamen gi, sou wéi och hiren Accord dat Filmmaterial fir Formatiounszwecker gebraucht gëtt.

D'Material ass vum jeeweilegen Psychotherapeut, mam Formateur zesummen, analyséiert gi an doropshin zerstéiert gi. Eng Demande säitens dem betraffenen Client fir d'Material zu Verfügung gestallt ze kréien gouf et zu deem Ament net.